N°2123
Entrée le 03.04.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 2123 vum 21. Mäerz 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Atertlinn.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zu der Atertlinn. D'Regierung envisagéiert keng Reaktivéierung vun dëser Eisebunnsinfrastruktur.

Den ëffentlechen Transport ass ëmmer als Netz ze verstoen. An dësem Netz spillen d'Eisebunn, den Tram an de Bus hir Stäerkten do aus, wou déi jeeweils am gréisste sinn. De Raum ronderëm d'Atertlinn ass duerch seng Ländlechkeet charakteriséiert, wou d'Leit op vill Dierfer verdeelt wunnen. Déi fréier Atertlinn ass mat enger moderner Eisebunn net ze vergläichen, weder vun hirer Kapazitéit, nach vun hirem Tracé hier. Hei eng komplett nei Eisebunnsstreck ze bauen, op engem neien Tracé, ass weder fir dës Regioun déi beschte Léisung, nach am Verglach mam Investitiounsbedarf am Rescht vum Land ze rechtfäerdegen.

Dës Eisebunnsstreck, déi Ettelbréck vu Péiteng aus iwwer Klengbette verbonnen huet, ass zënter 1967 ausser Betrib.

D'Emprisen tëschent Péiteng a Colmar-Bierg :

- goufen deelweis u Gemengeverwaltungen ofgetrueden;
- goufen deelweis un d'Stroossebauverwaltung fir d'Schafe vum nationale Vëloswee N°12 réaffectéiert. Dovu profitéieren net just d'Awunner selwer, mä och de Cyclotourimus an dëser schéiner Géigend. Tëscht Stengefort an Näerden ass d'Atertlinn jo d' «EuroVelo 5», eng vun deene just 15 Vëlospisten, déi d'Europäesch Unioun duerchquieren. Duerch rezent Verbesserungen op der Belscher Säit vun dësem Streckeverlaf wäert d'Attraktivitéit vum Cyclotourismus am Westen an deenen nächste Joren nach staark zouhuelen;
- goufen deelweis u privat Proprietairen ofgetrueden;
- do gouf nëmmen e klengen Deel um Niveau vum Fonds du Rail zeréckbehalen, fir kënnen en Ersatzprojet ze realiséieren, an zwar d'Suppressioun vum Passage à Niveau N°85 zu Klengbetten.

De Streckenofschnëtt tëschent Colmar-Bierg an Ettelbréck ass bestoe bliwwen a gëtt haut nach fir de Gidderschinneverkéier genotzt.

Lëtzebuerg, den 3. Abrëll 2025

Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten
(s.) Yuriko BACKES